1-2020-0-X-6348-01 (n°3458)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE

22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Aktualitéitsstonn vum 10te Mäerz 2021
iwwert d'Reduktioun vun CO2-Emissiounen

Lëtzebuerg,, den 10/03/2021

3

# Motioun

**D'Deputéiertechamber stellt fest:**

- Verschidden Online-Buchungsplattforme weise virum Kaf vun engem Fluchticket un, wéi vill CO2-Emissiounen duerch de Passagéier bei sengem Fluch wäerten ausgestouss ginn;
- Am Sënn vun der Transparenz an am Hannergrond vun enger klimafréndlecher Mobilitéitspolitik, wär et wichteg d'Passagéier z'informéieren, wat si duerch hire Fluch un CO2-Emissiounen ausstoussen, andeems den CO2-Ausstouss scho virum Kaf vum Ticket op der Online-Plattform ugewise gëtt;
- An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3446 begréissen Ministere fir Mobilitéit, Ëmwelt a Klima an Energie d'Iddi: "d'Affichéiere vum CO2-Ausstouss um Fligerticket kéint duerchaus nëtzlech sinn, virun allem well de Verbraucher doduerch informéiert a sensibiliséiert gëtt a soumat selwer entscheede kann ob hie bereet ass, besonnesch bei kuerze Strecken, op e méi ëmweltfréndlecht Transportmëttel zréckzegraifen oder e Supplément um Fluchprais ze bezuelen, fir den CO2-Verbrauch vum Fliger ze kompenséieren.";
- D'Käschten, fir dës Moossnam ze realiséieren, si marginal;

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung:**

1. bei der Buchung vu Fliigerticketen zu Lëtzebuerg soll an Zukunft den CO2-Ausstouss vum Passagéier bei der Reservéierung liesbar affichéiert ginn.
2. och um Fliigerticket (digital an Pabeier) soll den CO2-Ausstouss vum Passagéier liesbar affichéiert sinn.

Marc Goergen